

PRESSECOMMUNIQUÉ

[09.03.2021]

OPRUFF FIR ENG CHAT-LÉISUNG DÉI EIST VERTRAUE VERDÉNGT

Dem Bierger an den Entreprises digital Léisungen am Beräich vun der Kommunikatioun ze bidden, haaptsächlech wat den Chat (messagerie instantanée) ugeet, déi den Dateschutz vu jidderengem am Aklang mat de moraleschen a legale Grondsätz respektéieren, ass fir all europäesch Demokratie zu engem wichtege Thema ginn. Fir den aktuelle Limitten, déi eis vun de groussen Acteuren an dësem Domaine imposéiert ginn entgéint ze wierken, muss iwwert eng alternative Kommunikatiounsléisung nogeduecht ginn, déi en héicht Mooss u Sécherheet a Vertraue bitt, déi op oopene Standarder baséiert, déi dem europäeschen an nationale legale Kader ënnerleien.

Elo wou d'Digitalisatioun vun eise Entreprises bedéngt duerch d'Pandemie vum Covid-19 méi séier virugeet, erliichteren Chat-Léisungen den Austausch am Alldag wesentlech. Dës Kommunikatiouns-Outil'en erweisen sech als praktesch, zeguer onëmgängelech. D'Kontroll iwwert seng eegen Donnéeën ass allerdéngs méisam a limitéiert.

D'Nuwell iwwert d'Ännerungen un der Notzung vu perséinlechen Donnéeën bei WhatsApp de 4. Januar dëst Joer, war wéi Bensin op d'Feier an huet vill User dozou verleet op alternative Plattformen ze wiesselen.

Och wann et aner Ubidder um Marché gëtt, bedriewen d'Haaptfournisseuren ënnert hinne monolithesch Servicer, bei deenen de User un eng eenzel Firma gebonne muss sinn an domat och un deenen hier Geschäftsbedéngungen (déi meeschtens net immens explizitt kommunizéiert ginn). Zwar goufen op nationalem an europäeschem Niveau Instrumenter agefouert fir dem Schutz vu perséinlechen Daten e legale Kader ze ginn, (z.B. RDGP Reglementatioun), mee d'Praxis ass net zefriddestellend. Déi inherent an offensichtlech Problemer am aktuelle Kontext vum Messaging dierfen net ignoréiert ginn a verlaangen no enger Strategie fir Verännerung.

Duerch d'Zesummeferierung vun Acteuren am digitale Secteur zu Lëtzebuerg an den Opruff fir Ënnerstëtzung vu private Firmen, öffentlechen Organisatiounen a vun de Bierger, soll d'Entwécklung vun enger alternativer nationaler Chat-Léisung gefërdert ginn, déi folgend Garantie virgesäit:

- Den héchsten Niveau vu Sécherheet a Vertraue bidden
- Sech net op eng eenzel Entitéit stäipen an eng dezentral an federéiert Architektur bedriewen
- Baséiert op oopene Standarden
- Soll kënnen an europäeschen Datenzentere bedriwwe ginn an den europäesche gesetzleche Bestëmmungen ënnerleien
- Soll kënnen déi national Kommunikatioun an Datenzenter mat Sëtz zu Lëtzebuerg sécher stellen an de lëtzebuergesche Rechtskader erfëllen.

Liest de Position Paper „Trustworthy Instant Messaging“ den zu dësem Zweck erstallt gouf a schléisst lech dem Mouvement un: <https://trustworthy.messaging.lu/>

Ugespéngelt: Position Paper “Trustworthy Instant Messaging” (format PDF), mat der aktueller Lëscht vun de Signataire.

Contact: trustworthy@messaging.lu